

Keine Vision und kein Konzept

Der große Bluff

Ein Jahr Blau-Rot-Grün

Die Negativbilanz in sechs Punkten.

Ideologie statt Wahlfreiheit

Vom Spar- zum Bezahlpaket

Keine neuen Perspektiven

Note ungenügend

/// NEIES AUS DER GEMENG JONGLENSTER

AKTUELLES AUS ONSER GEMENG

Mir sinn eng ganz attraktiv Gemeng an hunn deemtsprechend och groussen Zoulaf vun neie Matbierger. Aktuell leit d'Awunnerzuel bei 7.260.

Dofir sinn nei Projeten am Wunnengsbau och onerlässlech. De Projet ‚Jong Mëtt Lënster‘ ass um gudden Wee. Et ass geplangt fir dat nächst Joer mat der éischter Phase (am Beräich vum ale Fussballsterrain), dëst ass dann e Gemengeprojet, unzefänken. Hei wäerten 41 Wunnengen (am Kader vu bezuelbarem Wunnraum) entstoen déi iwwert ‚emphytéose‘ (Gemeng bleibt Propriétaire vum Terrain) da kenne verkaaft ginn. An de Residenzen ass de Rez-de-Chaussée fir Geschäftsreimlechkeeten oder soss Aktivitéite virgesinn. Mir leeën hei och grouse Wäert drop, Wunnengen ze schafen déi senioren- a behënnertegerecht sinn.

Mat dem Opgoe vum Contournement (4e Quartal 2015) ass och de Startschoss gi fir deen Deal vun der N11, deen duerch Jonglënster geet, ze reamenagéieren. Do si momentan Gesprécher mat dem zoustännege Ministär amgang. Ee Réckbau, an ‚Émklässiere vum der ‚Route Nationale‘ op ee CR ass ugeduecht. Doduercher ginn nei Opportunitéiten op fir hei de Bierger eng méi héich Liewensqualitéit, ze offréieren.

Energie a Klima

D’Klima-Problematik beweist wéi wichtesch et ass fir esou effizient wéi méiglech mat onse Ressourcen ëmzegen. D’Gemeng Jonglënster ass säit 2006 Member am Klimabündnis an och säit 2014 am Klimapakt mam Staat.

Wat ass de Klimapakt ?

Des Fro kréien ech desöftere gestallt an dofir hei e puer grundsätzlech Informatiounen. Et handelt sech heibäi em ee Kontrakt deen d’Gemenge mam Staat kënne maachen. Dëse Kontrakt huet eng Lafzäit vun 2013 – 2020. Vu staatlecherseits kréien déi Gemengen dann eng finanziell Ënnerstëtzung fir kennen hei aktiv matzeschaffen an och technesch Mëttel. Den Ëmfang vun dëser finanzieller Ënnerstëtzung hänkt vu verschidde Kritären of. Eng Viraussetzung ass datt Gemengen déi hei matmaachen ee ‚Klimaberoder‘ mussen hunn. Entweder een dee bei der Gemeng ugestallt ass oder een Externen. Mir hunn ons decidéiert op de Wee vun enger festgestalltener Mataarbechterin ze goen. Säit Mee dëst Joer ass d’Madame Leffin Monique ons Klimaberoderin. Dozou gehéiert och ee ‚Klimateam‘ (aktuell 5 Leit) dat mat der Madame Leffin zesumme momentan dru schafft fir éischt Akzenter ze sëtzen an och den ‚Ist Zustand‘ vun onser Gemeng ze analyséieren. Opgrond vun dëser Analyse ginn och dann déi finanziell Hëllef vum Staat gestaffelt. D’Basis ass ee Mesurékatalog deen a 6 Kapitelen agedeelt ass. Hei geet et ganz breetgefächert zou -> Entwécklungsplanung, Gemengegebaier an Infrastrukturen, Versuergung an Entsorgung, Mobilitéit, intern Organisatioun a Kommunikatioun a Kooperatioun.

An deenen nächste Joeren wäerten eng ganz Rei vu Projeten ustoe wou och interesséiert Bierger a Veräiner kënne mathëlfen. Dofir wäert dann d’Klimateam projektbezunn ausgebaut ginn.

KlimaPakt

meng Gemeng engagéiert sech

D’Virdeeler fir d’Gemeng leie ganz kloer doranner datt hei eng strukturéiert Klima- an Energiepolitik ka realiséiert ginn. Hei si ganz vill Beräicher betraff an eng gutt Vernetzung bréngt dofir eng grouss plus-value. Och deen eenzele Bierger kann heivunner profitéieren, duerch eng besser Beroedungs- an Informatiounsoffer. Eng Reduzéierung vun den Energiekäschten ass och eng Zilsetzung. Wien wëllt kann sech selwer aktiv mat abréngen.

Hei e puer Beispiller vun Aktivitéiten aus onser Gemeng:

all Joer Aktiounswochen (Energie, Hausisoléierung...) an Zesummenaarbecht mat MyEnergie (Info-Point Osten bei ons an der Gemeng), mat Hëllef vun der Gemeng ass duerch engagéiert Matbierger déi éischt Energiecoopérativ am Land entstanen, d’Gemeng geet och op de Wee vun der Elektromobilitéit (aktuell zwee Elektroautoen), d’Gemengebeamten notze fir déi kuerz Distanze Gemengeveloen, Ersetze vu Masuttsheizungen duerch Pelletheizungen, d’Stroossebeleuchtung ass amgang op LED Luuchten emgestallt ze ginn, eng Etude ass amgang fir an der Bueg een Nahwärmenetz ze bauen, d’Gemeng offréiert Subside fir energetesch Hausrenovéierungen, d’Erstelle vun engem Thermokataster vun alle Gebaier op d’Gemengegebitt (an Optrag ginn), an dësem Kontext giffen d’Resultater dann an enger Info’s Versammlung presentéiert ginn, fir just des Beispiller ze nennen

BODEN Jean – Gemengerotsmember

D'CSV-VERTRIEDER AM SCHÄFFEN- A GEMENGEROT



Francine COLLING-KAHN
Buergermeeschtesch
Jonglënster
GSM: 691 39 96 39



Romain REITZ
Schäffen
Gonnereng
GSM: 621 37 00 01



Jean BODEN
Konselljee
Gonnereng
GSM: 691 78 84 69
E-Mail: jboden@pt.lu



Tessy SCHLESSER-THEIS
Konselljee
Allënster
GSM: 691 73 85 86

CHANGEMENTER AM GEMENGEROT



Virun e puer Wochen ass d'Tessy Schlessler-Theis fir d'CSV an de Gemengerot noogeréckelt, no-deems de Gilles Dimmer aus beruf-fleche Grënn demissionéiert huet. D'Tessy Schlessler ass Chimiesprofessorin am Lycée Classique Diekirch, wunnt zu Allënster, ass bestuet an huet 2 Jongen am Alter vu 14 a 17 Joer.

ODP: Madame Schlessler, wéi fillt Dir Iech als neie Member vum Gemengerot?
Als éischt mol wëll ech mengem Virgänger, dem Gilles Dimmer, e grouse Merci soe fir säin Asaz a seng Kompetenz, déi hien déi lescht Jore bewisen huet. Ech freeë mech iwwert meng nei Aufgab als Gemengerot-member a versichen dës nei Tâche mat vill Engagement unzeseen.

ODP: Dir waart scho vir drun an der Gemeng engagéiert?
Als Member vun der Sozial- a Seniorekom-

missioun schaffen ech zënter e puer Joer mat u Projete fir déi eeler Matbieger an eiser Gemeng. Doniewent sinn ech am Comité vun der CSV Jonglënster aktiv. Et mécht mer Freed, an enger gudder a kompetenter Equipe kënnen matzeschaffen u grouse Projeten, déi hei an der Gemeng amgang si realiséiert ze ginn.

ODP: Wéi eng sinn dann déi Beräicher, déi Iech wichteg sinn?

All Beräich ass wichteg fir eis Gemeng! Ee Punkt, dee mir besonnesch um Häerz läit, ass dee vun der sozialer Gerechtegkeet. Mir mussen eis verstärkt asetze fir déi Leit, déi an eiser Wuelstandsgesellschaft sou dacks vergiess ginn. Ech fannen et awer iwwerhaupt wichteg, op jidder Eenzelnen anzegoen an en eescht ze huelen mat sengem Uleies. Doniewent wëll ech mech staark maache fir eng Verkäiersberouegung an eisen Dierfer.

ODP: Dir sot, Dir schafft och u Projete fir déi eeler Matbieger?
Jo, d'Liewenserwaardung klëmmt an eiser Gesellschaft. Et gëtt ëmmer méi Leit, déi och

nach am héijen Alter gär hiren Aktivitéite wëllen nogoen. Duerfir mussen mir an eiser Gemeng genuch Aktivitéite fir eeler Leit ubidden. Ech fannen et och noutwendeg dass eis ganz Gemeng barrierefräi gëtt. Jidder Bierger soll sech, trotz kierperlecher Aschränkung, fräi beweegen kënnen.

ODP: Wat sot Dir als Chemikerin zu dem Pestizidgehalt vun eisem Drénkwaasser?
Rezent Analysen hunn erginn, dass d'Qualitéit vun dem Waasser, wat mir de Moment hei an der Gemeng aus eise Quellen aspeisen, gutt ass. Ech fannen awer, dass op landeswäitem Niveau solle Mesuren ergraff ginn, fir dass an de Quellegebidd sou mann wéi méiglech Pestiziden an d'Quellewaasser lafen. Dat ass eng Erausforderung fir eis ganz Gesellschaft.

ODP: Wat maacht Dir an ärer Fräizäit?
Déi wéineg fräi Zäit, déi mir de Moment bleift, verbréngen ech gär zesumme mat menger Famill, gi lafen fir den Ausgläich an engagéiere mech an der Kierch. All dat gëtt mir nei Kraaft an Energie.

QUESTION PARLEMENTAIRE BETREFFEND DE CR119



Als Députéiert huet een ëmmer d'Méiglechkeet bei der Regierung nozehaken, wa ministeriell Decisiounen net kloer sinn oder ee ganz einfach op Mësstänn wëllt opmierksam maachen.

Ech hu vun dëser Méiglechkeet profitéiert, fir nieft villen anere Froen, déi ech bis ewell un déi zoustänneg Ministère gestallt hunn, eng Fro ze stellen déi vill Leit betrëfft, déi regelméisseg d'Streck Gonnereng – Stad, respektiv d'Streck Eesebuer – Stad via Kräizung Stafelter fueren.

Dir wësst, dass d'Regierung geplangt huet de CR119 zouzemaachen, sou dass d'Automobilisten müssen iwwert de Waldhaff fueren, wat dann en zousätzlechen Traffik op dëser Platz wäert generéieren.

Françoise HETTO-GAASCH
Presidentin CSV Jonglënster
Députéiert an CSV Vize-Presidentin

Hei een Extrait aus dëser QP:
...quelles sont les solutions envisagées par le Ministre afin d'améliorer la fluidité du trafic sur la route d'Echternach ?

Ne serait-il pas envisageable de prolonger la bande d'accélération en direction de l'accès à l'autoroute au croisement Waldhaff pour les

véhicules en provenance de la montée « Stafelter » sachant que le nombre de véhicules va augmenter considérablement avec la fermeture du CR119 ?

Après l'ouverture de la Nordstrooss, ne serait-il pas opportun d'examiner par la suite l'évolution du trafic en provenance de Walferdange et Eisenbom avant de fermer définitivement le CR119 ?

Hei d'Äntwert vum Minister :

En réponse, il y a lieu de préciser que l'échangeur entre l'A7 et la N11 sera aménagé de la manière suivante :

En venant de Luxembourg, l'accès à l'autoroute se fera exclusivement par mouvements de tourne à droite.

En venant d'Echternach, l'accès à l'autoroute se fera par mouvement de tourne à droite pour aller en direction Sud, tandis que les automobilistes en direction Nord ne possèdent pas de bretelles d'accès propre et doivent tourner à gauche (croiser le flux d'automobilistes sur la N11 en direction d'Echternach) pour emprunter la bretelle en direction Nord. Ils auront à leur disposition une voie propre de tourne à gauche. Les automobilistes quittant l'autoroute auront des voies d'accélération sur la N11 en direction de Luxembourg et Echternach.

Les travaux sont en cours et l'échangeur sera achevé simultanément avec l'ouverture de l'A7. En ce qui concerne l'échangeur du Waldhaff (CR126 et N11), les automobilistes qui

empruntent la N11 à partir du CR126 profiteront dans le futur d'une voie d'accélération en direction de Luxembourg. Le dossier de soumission est en cours d'élaboration et sera terminé en septembre 2014, de sorte que les travaux puissent commencer en début 2015.

Par ces mesures, la fluidité du trafic devrait être garantie entre le croisement au lieu-dit Waldhof et l'échangeur entre l'A7 et la N11.

Après l'ouverture de l'A7 et la construction de la voie d'insertion sur la N11 au Waldhof, le CR119 sera fermé provisoirement pour une année, pendant laquelle sera analysé le trafic sur le CR126 et la N11. Après cette année, il sera décidé définitivement si le CR119 pourra être fermé complètement

CSV Jonglënster

<http://junglinster.csv.lu/>

D'CSV Jonglënster bitt iech eng regelméisseg Informatioun iwwert- an aus onser Gemeng un, an zwar mëttels enger 'E-mail Newsletter'. Fir dovunner ze profitéieren, braucht dir iech just anzuschreiwen -> eng E-mail op junglinster@csv.lu. geet duer.

La CSV Jonglënster vous offre une information régulière sous forme d'une 'E-mail Newsletter'. Pour pouvoir y profiter, il suffit de nous adresser une mail à junglinster@csv.lu.